Den 22. Juli 2022 war ëm 9:30 Auer déi lescht ëffentlech Gemengerotssitzung virun der Grousser Vakanz.

1) **Décisions de principe**

   a) *Introduction du service Pedibus*

   Zur Schoulrentrée gëtt de Pedibus agefouert, d.h. op engem festgeluechten Trajet ginn d'Schoulkanner - wann se duerch hir Eltere bei der Maison relais ageschriwwe goufen – duerch Begleetpersonal aus der Maison relais op festgeluechten Arrêts an d'Schoul ze Fouss begleet. Ugefaange gëtt de 15. Oktober 2022 mat enger Pilot-Linn vun der Huelbaach iwwer de Brill an d'Foussgängerbréck.

   b) *Projet cirque Zapp Zarap*

   An der Biisser Schoul soll fir d'Schouljoer 2022/23 mat www.zappzarap.de en Zirkusprojet duerchgefouert ginn. Den Zirkus iwwer 5 Deeg plus een Dag Formatioun fir d'Léierpersonal kascht 7.500 Euro an 9.000 Euro. Zousazkäschten entstinn, wann d'Associatioun d'Zelt selwer opbaue muss oder wann d'Zelt gehëtzt muss ginn.

2) **Approbation de plusieurs contrats de bail**

   D'Gemeng stellt gratis enger ukrainescher Flüchtlingsfra an hire 4 Kanner en Appartement op 4 route de Colmar zur Verfügung, an enger éischter Phas bis de 15. Juli 2023.

   Bekanntlech lount d'Firma ATV Group d'Haus op Nummer 5 Grand-Rue vun der Gemeng. Dës Firma huet hei hir Aarbechter ënnerbruecht, déi un der Fassad vum Seniorenheem Am Park schaffen. Vu datt hir Aarbechte méi laang daueren ewéi ursprénglech geplangt, gëtt de Mietvertrag eemoleg bis den 31. Juli 2022 verlängert. Vu datt de Mietvertrag dës Kéier zäitno dem Gemengerot ënnerbreet gouf, huet d'CSV-Fraktioun dës Kéier hir Zoustëmmung ginn.

3) **Approvation d'une convention**

   Duerch dat neit Gesetz iwwer de Museksunterrecht an domadder verbonne verschidde gratis Stonne fir d'Schüler muss eng nei Konventioun mam Conservatoire de musique du Nord ofgeschloss ginn. Bei der Aschreiwung hunn déi Biisser Prioritéit, par rapport zu Awunner, déi aus Gemenge kommen, déi keng Konventioun mam Conservatoire ofschléissen. Gläichzäiteg gëtt der Biisser Gemeng zougeséchert, datt verschidde Cours'en ewéi Eveil musical (EM1, EM2 & EM3) an d'Formation musicale (FM1, FM2, FM3 & FM4) zu Biissen ofgehale ginn.
   Bis elo huet de Museksunterrecht d'Gemeng 165.000 Euro d'Joer kascht, wat mam neie Gesetz op d'Gemeng duerkënnt, kann nach net richteg ofgeschat ginn..

4) **Allocation d'un subside extraordinaire à une association non locale**

   Am Kader vum Projet Kannergemengerot haten d'Kanner aus der Maison relais den 1. Juli 2022 e Kucheverkaf organiséiert. Hei koume 532,25 Euro zesummen. Dëse Montant gëtt aus der Gemengekeess op 1.200 Euro verduebelt a soll un d'"Kindernothilfe Lëtzebuerg" fir d'Ukrain gespent ginn.

5) **Approbation d'un morcellement dans la Rue de la Chapelle**
De fréiere Café Adam ewéi d'Gebäier ronderëm goufe schonns ofgerappt. Elo sollen déi ablécklech Terrainen Nos 980/2908, 983/2174, 985/1549 an 985/2175 frësch agedeelt ginn, esou datt herno 2 Appartementshaiser opgeriicht kënne ginn. De Schäfferot huet der CSV-Fraktioun zougeséchert, datt den Accès zu de Stellplazen net iwwer d'Kräizung selwer geschitt.

6) **Règlement relatif aux modalités d'inscription aux cours de langue luxembourgeoise**
Den Educatiounsministère huet decidéiert, datt d'Erwuessecoursen ab dem Schouljoer semestriell ugebuede ginn. Dat gëllt och fir d'Lëtzebuergcours'en an dofir mussen d'Aschreiwungsmodalitéiten ugepasst ginn.

7) **Fixation de la taxe d'inscription aux cours de langue luxembourgeoise**
Den Educatiounsministère proposéiert och, datt d'Cours'e sollen 3 Euro d'Stonn kaschten. De Schäfferot proposéiert – aus Vereinfachungsgrënn – pro Semester 50 Euro an Zukunft ze froen. Dat ass eng Verdueblung vum aktuelle Präis, deen sech op 50 Euro d'Joer beleeft.
Den Tarif gëtt op 10 Euro fir bedierfteg Leit reduzéiert, zum Beispill wann ee bei der ADEM ageschriwwen ass oder soss vun engem nationaler Instanz a Sproochecours'e vermëttelt ginn (z.B. vum Office national d'inclusion social, vum Office national de l'accueil oder vun den Office sociaux).

8) **Approbation d'un règlement de circulation dans la Rue du Cimetière**
Um Kierfecht ginn d'Weeër erneiert. Dofir ass et néideg, fir vum 7. Juli bis 28. Juli d'Rue du Cimetière tëschent 8 :00 Auer an 18:00 Auer fir den Trafic ze spären.

9) **Fixation du taux multiplicateur de l'impôt commercial**
De Multiplikatiounstaux fir d'Gewerbesteier soll fir d'Steierjoer 2023 onverännert op 300 Prozent bleiwen.

10) **Fixation des taux de l'impôt foncier**
D'Multiplikatiounssätz fir d'Grondsteier solle fir d'Steierjoer 2023 onverännert bleiwen, an zwar :

| | |
|---|---|
| A propriétés agricoles | 300% |
| B1 constructions industrielles ou commerciales | 450% |
| B2 constructions à usage mixte | 300% |
| B3 constructions à autres usages | 300% |
| B4 maisons unifamiliales, maisons de rapport | 150% |
| B5 immobilisations non bâties autres que les terrains à bâtir | 400% |
| B6 terrains à bâtir à des fins d'habitation | 400% |